N°6243
Reçu le 08.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 6243 vum 24. Mee 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

D'parlamentaresch Fro vum 24. Mee 2022 vum honorablen Deputéierten betrëfft de Busparking zu Rodange.

Wéi de Lycée Mathias Adam seng Dieren opgemaach huet, hunn eng Partie Busfirmen de Quai vum Lycée als Parking genotzt fir hir Pausen ze maachen; deelweis sinn souguer Bussen iwwer Nuecht do geparkt ginn. Dëst huet eng Rei vu Nuisancen mat sech bruecht: doduerch dass keng sanitär Anlagen an net genuch Poubellë beim Quai installéiert sinn, huet sech net ëmmer dat beschte Bild presentéiert; doniewt huet de Lycée misse fir déi néideg Botzaarbechte suergen.

D'Administration des bâtiments publics huet doropshin Polleren installéiert, déi erop- an erofgefuer kënne ginn: op déi Manéier ass de Quai fir d'Schoulbusse reservéiert ginn. Et handelt sech also net ëm eng rezent Moossnahm an och net ëm eng Initiativ vum Lycée.

Et sief betount, datt sech hei och e Sécherheetsproblem stellt: de Quai vum Lycée ass als *Aire de rassemblement* am Fall vun engem Feieralarm virgesinn, dëst fir iwwer 1.800 Schüler a Membere vum Personal. Et ass net virstellbar dës Plaz ze notzen "fir dass d'Buslinnen hei eng Paus aleeë kënnen", sou wéi den honorabelen Deputéierten dat proposéiert.

Lëtzebuerg, den 8.Juli 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch